LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par : Nathalie Weber
Tél. (+352) 247-86352

Le Ministre de la Sécurité sociale
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

REÇU
Par Christine Wirtgen , 09:03, 09/04/2021

Luxembourg, le 9 avril 2021

**Référence :** 837x5f71b

**Objet :** Question parlementaire n°3854 du 16 mars 2021 de Monsieur le Député Fred Keup au sujet de la reconnaissance de la Covid-19 comme maladie professionnelle

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°3854 du 16 mars 2021 de Monsieur le Député Fred Keup au sujet de la reconnaissance de la Covid-19 comme maladie professionnelle.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre à la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de la Sécurité sociale

Romain SCHNEIDER

**Annexe(s) :** Réponse à la question parlementaire n°3854

26, rue Ste Zithe
L-2763 Luxembourg
Tél. (+352) 247-76320
mss@mss.etat.lu
mss.gouvernement.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

**Äntwert vum Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3854 vun dem Här Deputéierte Fred Keup iwwert d'Unerkennung vun der COVID-19 als Aarbechtserkrankung**

Am Tableau vun de Beruffskrankheeten ass eng COVID-19-Infektioun duerch d'Nummer 3101 ofgedeckt, déi fir all ustiechend Krankheet vu berufflecher Hierkonft gëllt. D'Nummer 3101 ass ewéi folgend definéiert : « 3101 Maladies infectieuses, si l'assuré travaille dans un établissement ou un service s'occupant de la prophylaxie, du diagnostic et du traitement des maladies contagieuses, ou si l'assuré est particulièrement exposé à des risques similaires de contagion, en raison de son activité professionnelle ».

Dës Nummer ka vun all Assuré invoquéiert ginn, deen "engem besonnesch héije Risiko vun enger Ustiechung ausgesat ass, wéinst senger professioneller Aktivitéit". Eng spezifesch Nummer fir d'COVID-19 ass deementspriechend net néideg.

Dobäi spillt et prinzipiell keng Roll op eng Ustiechung am Kader vun der haaptberufflecher Aktivitéit stattfënnt, oder ob dës Aktivitéit op eng Fräiwëllegkeet baséiert ass. Et ass also net esou dat Pompjeeën, déi fräiwëlleg hire Matbierger-inen an enger Noutsituatioun hëllefen, net ofgedeckt wären. Allerdéngs muss dat vu Fall zu Fall gekuckt ginn a Funktioun vun der Situatioun an dem eventuellen héije Risk sech unzestiechen a kann net automatesch op all Persoun an de concernéierte Beräicher applizéiert ginn.

Am Allgemenge gëtt keen Ënnerscheed an der Behandlung tëscht engem Polizist an engem Pompjee gemaach, egal ob et sech ëm e Beruffspompjee oder ëm e fräiwëllege Pompjee handelt.

Aktuell sinn zwou Deklaratioune vu Persoune vun der Police, déi Kontakt mat enger infizéierter COVID-19 Persoun haten, un d'Association d'assurance accident (AAA) weidergeleet ginn. Dës zwee Fäll hunn awer misste klasséiert ginn, well wéinst engem Manktem un Äntwerte vun de betraffene Persounen d'Enquête vun deene Fäll net konnt weidergefouert ginn an den héije Risiko vun enger Ustiechung duerch déi professionell Aktivitéit net konnt erwise ginn.

Bei de Pompjeeën (haaptberufflech a fräiwëlleg Pompjeeën) ass eng Deklaratioun vun enger Persoun, déi Kontakt mat enger infizéierter COVID-19 Persoun hat, un d'AAA weidergeleet ginn. Dësen Dossier ass de Moment an der Prozedur.